


Si sin matt der Waulz emmer net iwert eng Knupp kôm) De Kondukter:Kukt emol do drennert Kantonnier wât dât ass?De Kantonnier:O mei et ass mei Kolleg de Kantonnier Bibbi. De Bibbi:Fuert emol ewenig me' lues matt der Waulz hei op mär,där kent emol kengem eng Ro' vergonnen.

Am Prisong zu Letzeburg.



Den Isi:Här Direkter,ech hun he'eren de Be'er wier me' deier gin,wât so'en alt d'Leit dobaussen dervun.Den Direkter:O d'Leit so'en dobaussen,et kent dem Isi dobannen am Prisong egal sin,ob en deier ass oder bellig ass.

Aus dem Escher Lavalspark.



Et ass iewer allerhaund.Fir dass d'Wâsser am Feschweiher net sollt raschtich gin,huet de Gärtner de'iewescht Wâsserschicht matt enger Biescht ugestrach.




Noch sind die Schildbürger in Esch nicht ausgestorben,das kann man noch heute sehen.Bei einem ganz ausgetrocknetem Weiher,ist das Baden streng untersagt.

Butzefinn sollt dem Bratzelkätt eng Ko' uafkôfen,an d'Finn gät bei d'Ko' tâschten,an de' schlet dem Finn eng kräftig hanne bei.



d'Finn:O mei,o mei,a watter Deiwel fer eng Ko' ass dât?d'Bratzels:O meng le'f Fra,dât ass eng„Hochträchtig" Ko',de'si sellten. d'Finn:Wât eng Hochträchtig,nän eng Nidderträchtig Ko' e so' ass et.

Aus Esch.



De Gemengerôt huet sech eng jong Krokodil vum Hagenbeck komme gelôss,fer den Escher Stadtpark ze verscheneren.A wellen ze färten de' jong Krokodil kent sech erkâlen wa si gif vum Re'n nass gin,do hun se sech en extra'en Paräbli ugeschâft fer dass se net sollt nâs gin, eso' bleiwt si gut drechen am Weiher.